N° 7323
Entrée le 06.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

De Premierminister huet a senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 7083 geäntwert datt et méiglech wier iwwert den Annuaire vum Staat an och de Mémorial B eng Lëscht vun allen héije Fonctionnaire vum Staat z'erstellen an esou op d'Froen aus der genannter parlamentarescher Fro z'äntweren.

Et ass mir awer bekannt, datt dëst net ganz der Wourecht entsprécht, esou sinn zum Beispill am Mémorial B net all Demissioune vu Beamten an deene 5 Kategorien (Administrateur général, 1er conseiller de gouvernement, conseiller de gouvernement premier classe, conseiller de gouvernement & conseiller de gouvernement adjoint) verëffentlecht.

Deementspriechend kann een trotz Fläissaarbecht net all Ännerungen novollzéien. Des Weidere ginn am Annuaire Leit gläichzäiteg als *Haut Commissaire* wéi och als *1er conseiller de gouvernement* geläscht.

Laut mengen Informatiounen huet d'Regierung een Excel-Fichier deen Informatioune regroupéiert, déi ech a menge virrechte questions parlementaires gefrot hunn.

Och schéngt et esou datt verschidden héich Fonctionnairen net « à temps plein » genannt sinn, eppes wat aus dem Mémorial B och net ervirgeet an esou et onméiglech mécht d'Entwécklung an « équivalent temps plein » ze bestëmmen.

Säit der Regierung Juncker/Asselborn II huet di maximal Zuel vu Spëtzebeamten (Administrateurs généraux, 1er conseillers de gouvernement, conseillers de gouvernement première classe, conseillers de gouvernement, conseillers de gouvernement adjoints) sech vun 79 op 126 erweidert. Dës Zuel soll nach weider op 150 wuessen.

Opgrond vun all deenen Informatiounen hei virdru kommen ech net drëms erëm fir eng Rei Froen nach eemol ze formuléieren an ëm weider Froen z'ergänzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. **Kann de Minister d'Ventilatioun vun der Unzuel vun de Beamten aus de 5 Kategorië mat de respektiven Nimm (déi duerch de Mémorial B jo schonn ëffentlech sinn), der Funktioun an der date d'entrée en fonction oplëschten?**

2. Vue datt (implizitt) Demissiounen net alleguerten am Mémorial B verëffentlecht ginn:**Wéi ass d'Entwécklung vun der Zuel vun de Beamte pro Kategorie a Joer (Stand 1.11) säit dem Regierungswiessel 2013?** Ech géif bieden dës Zuelen eemol als absolut Zuelen u Persounen an och als « équivalent temps plein » unzeginn, eng Informatioun déi weder am Mémorial nach am Telefonsbuch vum Staat ze fannen ass.

3. Kann de Minister d'Existenz vun engem informatesche Fichier confirméieren deen Äntwerten op d'Froen aus der parlamentarescher Fro n°7083 erginn hätt?
   - Falls jo, wat ass den Titel vun dësem Fichier?
   - Wat schwätzt géint eng Veröffentlechung, wëssen datt de Minister selwer äntwert, datt all dës Informatioune well ëffentlech wieren?

4. Wat sinn d'Grënn dofir datt Beamten aus de genannte 5 Kategorien nëmmen an Deelzäit genannt sinn?

5. **Wéi vill vun de Beamten aus dëse 5 Kategorien, déi scho virun der Regierung Bettel I dës Funktioun haten, sinn haut nach en fonction?**

6. **Wéi vill Beamten aus dëse 5 Kategorien si säit dem Regierungswiessel 2013 an d'Pensioun gaangen?**

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten